



Här Claude Wiseler

President vun der Chamber

Lëtzebuerg, de 13. November 2024

Här President,

Esou wéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden mir Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Educationnsminister weiderzeleeden.

Aus der nationaler Presse vum 15. Oktober 2024 geet ervir, dass en Amokalarm am Réidener Lycée ausgeléist ginn ass, dëst nodeems eng verdächtig Persoun gemellt ginn ass. Et ass doropshin zu engem gréissere Policeasaz komm an d'Schüler an d'Léierpersonal hu missten an hirem Sall bleiwen, deen zougespaart ginn ass. Et huet sech méi spéit am Moie rausgestallt, dass et sech em e falschen Alarm gehandelt huet an zu kengem Moment eng konkret Gefor fir d'Schüler an d'Léierpersonal bestanen huet.

An deem Kontext wollten mir folgend Froen un den Här Educationnsminister stellen:

- Wéi geséit d'Prozedur vum Educationnsministère fir d'Léierpersonal an Direktioun am Fall vun engem Amoklaf an enger lëtzebuerger Schoul aus?
- Wéieng konkret Demarchë mussen agehale ginn?
- Wéi stellt den Educationnsministère sécher, dass d'Direktioun an d'Léierpersonal adequat an den eenzelen Lycée'en fir sou Fäll forméiert sinn?
- Stinn de verschiddenen Direktiounen Dokumenter a Guidelines fir sou Fäll zur Verfügung? Wa jo, ginn Tester am Kader vun Amokläf a Bommenalarmen duechgefouert?

Här President, mir bieden Iech, eist déifste Respekt unzehuelen.

Charel Weiler

Députéierten

Maurice Bauer

Députéierten

[Handwritten signature]

[Handwritten mark]



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

**Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, Claude Meisch, op d'parlamentaresch Fro
Nr. 1509 vun den honorabelen Deputéierte Charles Weiler a Maurice Bauer**

Ad 1) - 3)

Wat d'Prozeduren an d'Demarchen am Fall vun engem Amoklaf an enger Schoul betrëfft, gradewéi d'Formatioun vum Léierpersonal zu deem Sujet, verweisen ech op meng Äntwerten op d'parlamentaresch Froen Nr. 1369 an Nr. 1371.

Ad 4)

D'Direktiounen verfügen iwver Guidelines fir de Fall vun engem Amoklaf. Vereenzelt sinn och Tester duerchgefouert ginn.

Lëtzebuerg, de 17. Dezember 2024

De Minister fir Educatioun,
Kanner a Jugend

(s.) Claude MEISCH